

Stroossen, den 16. September 2022

## Communiqué de presse

### Offiziell Stellungnam vun der Gemeng Stroossen zum „Metalfestival“

„Metal ass keng Musek“ huet de M. Nico Pundel, Buergermeeschter vu Stroossen, ni esou gesot.

Am Fréijoer huet de Veräin FC Kopstal 33 eng Demande bei der Gemeng Stroossen gestallt, fir en „Musek Fest Concert“ zu Stroossen fir +/- 250 Persoune beim Fräiheetsbam de 17. September ze organiséieren.

Mat der Iddi, lokal Veräiner aus den Nopeschgemengen ze ënnerstëtzen, an dësem Fall de Fussballsveräin vu Koplescht, gouf d’Autorisatioun fir de Chalet beim Fräiheetsbam mat den Installatiounen (Stroum, Waasser, Toiletten) ze lounen, vum Buergermeeschter Nico Pundel ënnerschriwwen.

Am September ass d’Gemeng Stroossen gewuer ginn, net vun der Organisateurer selwer mee iwweeër, dass et sech ëm de Metalfestival handelt, wat bis dato a kenger Demande erwäant gi war.

No enger Entrevue dësen Donneschden tëschent dem Buergermeeschter an dem Präident vum FC Kopstal 33, huet de M. Nico Pundel zum Ausdrock bruecht, dass e sech vum Veräin hannergange fillt. D’Organisateuren hunn dem Schäfferot och weeder e Konzept fir de Parking, fir d’Sécherheet um Site nach fir d’Lautstäerkt, déi bei dëser Museksrichtung e wichtege Facteur ass, presentéiert.

D’Gemeng Stroossen betount, dass d’Autorisatioun fir de Metalfestival nach ëmmer besteet an ni zeréckgezu gouf, mee just dat gefrote Material net zur Verfügung gestallt gëtt.